ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Februar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 2668 iwwer d'Meenungsfräiheet, wollt ech ënnert anerem gewuer ginn, fir „wat fir eng Aussoe genee" Leit zu Lëtzebuerg wéinst sougenannten „Haassverbriechen" oder Ähnlechem veruerteelt gi sinn (am Punkt 7 vun der Fro). Well deen Deel vun der Fro awer nach net beäntwert gouf a well dat esou e wichtege Punkt fir d'Rechtssécherheet hei am Land ass wéilt ech déi Fro nach eemol stellen:

- Kann den Här Minister eng genee an detailléiert Lëscht virleeën, fir wéi eng Aussoen an Uersaache genee et zu enger Verurteelung koum a wéi staark déi eenzel benotzten Ausdréck oder Formuléierungen bestrooft goufen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten